# Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

## News

## [24.6.2015 Mir begréissen d'Ausso vum Grand-Duc zur Lëtzebuerger Sprooch.]

24 **Jun** *2015*

(comments: 0)



Op Nationalfeierdag huet den Grand-Duc Henri eng kloer Ausso zu der Lëtzebuerger Sprooch gemaach:

"Mee wat heescht dat eigentlech, Lëtzebuerger sinn? (...) Et ass sech iwwert eng gemeinsam Sproch, d'Lëtzebuergescht, verstännegen,"

Mir sinn averstanen mat dëser Ausso an begréissen et dass de Grand-Duc dat och esou gesot huet.
Mir fuerderen vun de Politiker: Ween Lëtzebuerger wëll ginn muss och Lëtzebuergesch schwätzen kënnen.
De Sproocheniveau am Test fir d'Nationalitéit ze kréien dierf net nach méi erof gesat ginn.

Weider huet de Grand-Duc gesot:
"Fir d'net-Lëtzebuerger ass et ubruecht, Efforten ze maachen fir sech z'integréieren, iwwert de We vun der Sprooch, oder de Wee vum Engagement an eist Sozial- oder Kulturliewen."

Read more … 24.6.2015 Mir begréissen d'Ausso vum Grand-Duc zur Lëtzebuerger Sprooch.

## 21.6.2015 "Ketty huel de Fändel eräus!"

21 **Jun** *2015*

Hänkt de Fändel eraus!

Den 23. Juni ass Nationalfeierdag an d'Traditioun wëll dass d'Leit schon an den Deeg virdrun de Fändel eraus hänken.

https://www.youtube.com/watch?v=Nqdfq9-w2nU

Read more …

## 14.6.2015 Lieserbréif

14 **Jun** *2015*

Ganz gudden Lieserbréif am Wort.

All Respekt fir den Auteur.

Read more … 14.6.2015 Lieserbréif

## 10.6.2015 Mir fuerderen Respekt virun de Wieler!

10 **Jun** *2015*

(comments: 0)




Säit en Sonnden héieren mer déi verrécktesten Interpretatiounen vum Wahlresultat.

Vun eenzelnen Jo-Aktivisten, Journalisten an Politiker gëtt elo op d'Vollek geklappt: réckstänneg wiere mer, egoistesch, nationalistesch an xenophob, an natierlech verstinn mer näischt.

An mir hätten keng "Referendumskultur". Mir fueren op d'Päischtcroisière an drénken Béier genausou wéi Samschdes Mëttes am Cactus wann mer mam Mercedes d'Bildzeitung kafen ginn (Quotidien). D'Vollék war eben net informéiert (Bettel). Bal 80% vun de Leit hunn schlussendlech dofir gesuergt dass den Referendum zu engem "rendez-vous manqué" ginn ass, an natierlech hu mer ofgestëmmt ouni ze iwwerleeën:"– par le ventre, qu'ils ont tranché."(tageblatt).

Den President vun der Verfassungskommissioun huet et dann och erkannt: "dass eher jene mit Ja gestimmt haben, die eine höhere Schulbildung und ein höheres Einkommensniveau aufweisen."

An d'CSV schwätzt vun Spléckung. Spléckung? Nee! D'Land ass NET gespléckt, eben grad well eng ganz grouss Majoritéit géint d'Auslännerwahlrecht gestëmmt huet. Dat ass keng Spléckung mä e groussen Konsens op enger fundamentaler Fro.

Seelen waren d'Lëtzebuerger sech sou eeneg, seelen waren se sou däitlech der selwechter Meenung!

De Referendum war och net e Fehler an et ass gutt dass d'Meenung vum Vollek elo kloer ass.

Read more … 10.6.2015 Mir fuerderen Respekt virun de Wieler!

# 8.6.2015 De Wielerwëllen muss respektéiert ginn: Keen Auslännerwahlrecht duerch d'Hannerdier!

08 **Jun** *2015*

D'Lëtzebuerger hu sech géint d'Auslännerwahlrecht a fir de Wee iwwert d'Nationalitéit entscheet. Si wëllen och net d'Auslännerwahlrecht duerch déi hënnescht Dier aféieren: Si wëllen d'Nationalitéit net bradéieren an déi schonn niddreg Sproochkenntnisser sollen bestoen bleiwen.....

Weider op read more

Read more … 8.6.2015 De Wielerwëllen muss respektéiert ginn: Keen Auslännerwahlrecht duerch d'Hannerdier!